



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand ETGEN
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg
Fax 466 966 210

Lëtzebuerg, den 27.02.2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Justizminister weiderzeleeden.

Et gëtt beim Parquet eng „ cellule de renseignement financier – kuerz CRF genannt.

Wéineg Persounen oder Institutionen kënnen dess CRF mat enger Denonciatioun befaassen ? Wei vill déer Denonciatiounen gouf et 2017, 2018 an 2019 (no Joer opgeschlüsselt) duerch Banken, wei vill duerch Affekoten, wie vill duerch Notairen an wie vill duerch aner Acteuren ?

Wie gëtt déi Flut vun Denonciatiounen bewältegt an wie gëtt kontrolléiert op d'Aarbecht vun der CRF qualitativ gutt ass ?

An enger rezenter Konferenz huet d'CRF wat Notairen ubelaangt eng Statistik gewisen aus déer ervirgeet datt 6 % vun den Denonciatiounen duerch Notairen hier Ursach an enger „ escroquerie“ hunn, 4% engem „ abus de faiblesse“, 4 % an enger Infraktioun géint Steierrecht, 6 % enger aktiver Korruptioun an 6 % am Benotzen vun gefälschten Dokumenter.

74 % awer waren do aklasséiert als „ non déterminé“. Wéi ass et méiglech datt dréi véierels vun allen Denonciatiounen emol net enger vun den Kategorien déi d'Gesetz virgesäit zougeuerdent kënnen gin ? Heescht daat dat $\frac{3}{4}$ vun allen Denonciatiounen vun Bierger duerch hiren Notaire keng legal Basis hunn ?

Wie héich ass de Prozentsaz vun CRF-Denonciatiounen déi effektiv zu Poursuitten féieren ? Fier wéi eng Infraktiounen (no Prozenter) ?

No enger „ CRF-Denonciation“ gin den betroffenen Bierger hier Bankkonten duerchlicht. Gin déi Bierger daat gewuer ? Wéi oft kennt et fir datt Donnéen déi op deem Wee fonnt gin an a guer kengem Zesammenhang zur „ CRF-Denonciation“ stinn benotzt gin fir aner Zwecker respektiv aner Poursuitten ?

Wei vill Persounen goufen op Basis vun enger CRF-Denonciation menacéiert ënnert Tutelle oder Curatelle gesat ze gin oder goufen tatsächlech als onmöndech erkläert?

Gett et iergendeng Kontroll iwwert déi Denonciatiounen déi liichtfankeg gemaach goufen? Gin déi betreffen Bierger gewuer (no Ofschloss vun der Enquête) datt eng Persoun oder Institutioun X si dénoncéiert haat ? Wann nee, sidd der net der Meenung dat betreffen Bierger missten au courant gesat gin, fir hinnen et ze erméiglechen den Responsabelen fir déi fälschlech Denonciation unzesichen ? Gëlt an der Matière vun den CRF-Denonciatiounen net den Gesetzestext iwwert „ dénonciation calomnieuse“ ?


Gett et iergendwellech Rekursméiglechkeeten fir betreffen Bierger ?

Mier ass zu Oueren komm dat eng Bank, un déer den Lëtzebuurger Staat eng Participatioun vun 34 % hält, besonnesch aerdech ass am Denoncéieren vun hiren Clienten, oft fir Virementer déi ënnert d'Intimliewen vun enger Famill falen. Stëmmt daat ?

Gett eng Kontroll gemaach wann des oder déi Bank par Rapport zu hiren Konkurrenten besonnesch oft dénonzéiert respektiv besonnesch oft denoncéiert ouni dat un der „ affaire“ eppes drun ass ? Gett et do Sanktiounen ? Wann nee, firwat net ?

Sidd dier insgesamt der Meenung dat d'Qualitéit an d'Quantitéit vun den „CRF-Denonciatiounen“ wierklech dem ursprénglechen Ziel vun dëser Mesure – den Kampf géint Wäisswäschen vu Suen aus kriminellen Aktivitéiten an den Kampf géint d'Finanzéierung vun Terrorismus – gerecht gin ?

Mat déiwem Respekt,


Roy Reding
Deputéierten